PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Digitalisatioun weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1717 liwwert d'Ministesch Explikatiounen zu engem Ausfall bei der digitaler Ënnerschrëft ugangs vum Joer. Aus dëser Äntwert erginn sech awer nach weider Froen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. "LuxTrust ass dem CTIE säin zentrale Partner fir elektronesch Certificater. Dëst erkläert sech notamment doduerch, dass et den Haaptacteur zu Lëtzebuerg an dësem Beraich ass."

   Gouf deemools bei der Sich no engem Partner fir elektronesch Zertifikater eng Ausschreiwung?
   - Wa jo, wat waren déi genau Krittären a wéi vill Projete koumen deemools vun Entreprisen eran?
   - Wa nee, firwat net?

2. Wéi laang leeft den aktuelle Kontrakt mat Luxtrust fir d'Zertifikater op der Carte d'identité nach? Ass geplangt, hei no weider Partner ze sichen, fir net just vun enger eenzeger Entreprise ofhängeg ze sinn?

3. Wat war den 1te respektiv den 2te Januar de konkrete Problem bei Luxtrust, deen zu dëser technescher Steierung gefouert huet?

4. Wéi eng Risikoofschätzung gouf am Kader vun der Sich no engem Partner fir elektronesch Zertifikater gemaach, fir esou e Single Point of Failure, dee vun engem Privatacteur bedriwwe gëtt, an d'Staatsinfrastruktur anzebauen?

5. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung datt fir d'elektronesch Ënnerschrëft net all "Prestataire de Services de Confiance" misst ugeholl ginn? Wëssend datt alleng d'ILNAS hei nach weider Prestatairen accreditéiert huet.

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten